

# Een onheemlech fantastescht Theaterstéck

Aarbechtstitel: **Ooh!**

## Personnagen:

den Erzieler oder d'Erzielerin

de Kinnek Kosomor

d'Kinnigin Kotorono

d'Prinzessin Olocoo

de Spezialtrupp:

Orbo

Koro

Trok

Kork

Borok

Tim

Tom

Emil

Zweemil

Dräimil

## Szen 1:

Erzieler: Eis fantastesch an opreegend Geschicht, déi mir iech elo virspille wëllen, spillt an diem komeschen Zäitalter "Ooh", vun diem och d'Wëssenschaftler net genee wëssen, ob et schonns eriwwer ass, ob et nach komme wäert, oder ob et elo grad am gaangen ass.

An an diem Zäitalter hunn am onbekannte, geheimnisvolle Land "Lotzoborg" de Kinnek Kosomor mat senge Leit gelieft. Dëse Kinnek a seng Leit si ganz schwéier ze beschreiwen, wëll si sech esou komesch behuelen: si sinn ni frou, och wa si an der Lotteri gewonnen hunn. Si sinn ni traureg, och wann hie Goldfësch oder hieren Hamster gestuerwen ass. Eigentlech halen si guer keng Hausdéieren, wëll mat dienen muss ee jo frou sinn, an eben dat kënnen se jo net. Si sinn och ni rosen, esouguer wann een hinnen express op déi déck Zéif getrëppelt ass, a si hunn och nach ni gefaart, esouguer, wann se an der däischerster Nuecht hu missen e Kuerf Holz an de Keller siche goen, fir d'Feier am Kamäin unzufänken.

De Kinnek Kosomor a seng Leit hu virun onendlech laangen Zäiten d'Gefiller verluer. Stellt iech dat nëmme vir. Et ass ee komescht Liewen, wann een sech net freeë kann, wann een ni traureg ass. Oder wann een d'Roserei an d'Angscht net kennt...

Mee elo, elo hu si e richtege Problem zu Lotzoborg. Kuckt emol selwer!

## Szen 2:

*De Kinnek Kosomor an d'Kinnigin Kotorono stinn em d'Bett/d'Fotell mat der Prinzessin Olocoo. Si ass vill krank an et héiert ee vun hier héchstens heiansdo ee laanggezunnene "Ooohhh!". Alleguer schwëtzen se "emotionslos", esou wéi wa si mat diem Ganzen näischt ze dinn hätten.*

Kosomor: Do, Kinnigin Kotorono, elo läit eist Meedchen, d'Prinzessin Olocoo, hei a wibbelt net méi. Si ass krank.

Kotorono: Jo, dat ass wouer, Kinnek Kosomor, si ass krank a kann net méi opstoen.

Kosomor: Si ass schonn zwee Méint laang krank.

Kotorono: Si ässt an drénkt näischt méi.

Kosomor: Si stierft geschwënn.

Kotorono: Si stierft geschwënn.

*Déi zwee stinn elo einfach esou do.*

*No enger gewässer Zäit seet d'Prinzessin eng Kéier "Ooohhh!"*

*Dann ass et nees roueg.*

Kotorono: Si huet "Ooohhh!" gesot.

Kosomor: Ech hunn et héieren.

Kotorono: Et ass hier kal.

Kosomor: Jo, si ziddert e bëssen. Kuck Kinnigin Kotorono.

*Si bécken sech e bëssen. D'Prinzessin ziddert wierklech.*

Kotorono: Et ass hier wierklech kal, Kinnek Kosomor.

Kosomor: Wann et hier kal ass, da brauch si eng Decken.

Kotorono: Mir hu keng Decken.

Kosomor: A wa si krank ass, da brauch si Medezin.

Kotorono: Mir hu keng Medezin.

Kosomor: Keng Decken a keng Medezin.

Kotorono: Keng Decken a keng Medezin.

Kosomor: Ech denken elo no.

*Si stinn nees do a soen näischt.*

*No enger gewässer Zäit seet d'Prinzessin eng Kéier "Ooohhh!"*

*No enger kuerzer Weil huet de Kinnek eng Iddi.*

Kosomor: Kinnigin Kotorono, ech hunn elo eng Iddi.

Kotorono: Da sot mir Är Iddi, Kinnek Kosomor.

Kosomor: Ech schécke mäi Spezialtrupp lass, a si mussen dann eng Decken a Medezin siche goen.

Kotorono: Hutt Dir e Spezialtrupp?

Kosomor: Nee! Ech maachen e Spezialtrupp.

Kotorono: Wouhinner schéckt Dir dann Äre Spezialtrupp?

Kosomor: Dat wees ech net. Dat muss de Spezialtrupp entscheiden. Soss ass et jo kee Spezialtrupp.

Kotorono: Dat ass wierklech eng gutt Iddi, Kinnek Kosomor.

Kosomor: Elo rufen ech de Spezialtrupp.

### **Szeen 3:**

*De Kinnek stellt säi Spezialtrupp zesummen. Hie rífft seng Leit.*

Kosomor: Orbo. Komm direkt bei däi Kinnek Kosomor.

Orbo: Orbo heeschen ech, a bei lech kommen ech, Kinnek Kosomor.

Kosomor: Stell dech heihinner, Orbo. Jo, nach e bëssen eriwwer. Esou stees du gutt. - Koro. Komm direkt bei däi Kinnek Kosomor.

Koro: Koro heeschen ech, a bei lech kommen ech, Kinnek Kosomor.

Kosomor: Stell dech heihinner, Koro. Nee, besser heihinner. - Trok. Komm direkt bei däi Kinnek Kosomor.

Trok: Trok heeschen ech, a bei lech kommen ech, Kinnek Kosomor.

Kosomor: Stell dech heihinner, Trok. Nee, do stees du net gutt, léiwer heihinner. - Kork. Komm direkt bei däi Kinnek Kosomor.

Kork: Kork heeschen ech, a bei lech kommen ech, Kinnek Kosomor.

Kosomor: Stell dech heihinner, Kork. Nee, net esou, nach e bëssen no lénks. Dat war zevill. Nach e bëssen no riets. Esou ass et gutt Kork. Do stees du richtig. - Borok. Komm direkt bei däi Kinnek Kosomor.

Borok: Borok heeschen ech, a bei lech kommen ech, Kinnek Kosomor.

Kosomor: Stellt iech heihinner, Borok.

Borok: Stinn ech gutt?

Kosomor: Jo.

Kotorono: De Kinnik Kosomor huet iech eppes ze soen.

Kosomor: Dir sidd elo mäi Spezialtrupp.

Spezialtrupp: Ok, Kinnek Kosomor.

Kosomor: Mäi Spezialtrupp mat enger Spezialmissioun.

Spezialtrupp: Ok, Kinnek Kosomor.

Kosomor: D'Prinzessin Olocoo ass krank.

Spezialtrupp: Ok, Kinnek Kosomor.

Kosomor: Si brauch eng Decken a Medezin.

Spezialtrupp: Ok, Kinnek Kosomor.

Kotorono: Dir gitt déi sichen.

Spezialtrupp: Ok, Kinnegin Kotorono.

Kosomor: Gutt, gutt. Da kënnt dir iech elo op de Wee maachen.

Spezialtrupp: Ok, Kinnek Kosomor.

*De Kinnek an d'Kinnigin gi vun der Bühn.*

Orbo: Eng Decken a Medezin. Déi gi mir sichen.

Koro: Da gött eis Prinzessin gesond. Dat ass net schwéier.

Trok: Mir kënnen dohinner oder dohinner oder dohinner oder dohinner goen.  
*Hie weist an déi 4 Himmelsrichtungen.*

Kork: Da gi mir dohinner. *Hie weist an eng Richtung.*

Borok: Dat ass gutt. Mir ginn dohinner.

Orbo: Nee, mir ginn net, mir fueren.

Koro: Mir fueren mat eisem Bromobil.

Trok: Bromobil, Bromobil, hei kënt e schonn.

*Mat engem Seel zitt hien de Bromobil op d'Bühn.*

Kork: Ass genuch Spritt am Tank? Et gött eng laang Rees.

Borok: En ass vollgetankt. Eng Decken a Medezin. *Si sëtzen sech an de Bromobil.*

Spezialtrupp: Fënnef, véier, dräi, zwee, eent - egal op et stiermt oder reent - mat vill Spritt an Disziplin - siche mir eng Decken a Medezin.

*Damp, Kaméidi, Musik, .... d'Rees geet lass.*

#### **Szen 4:**

Erzieler: Jo, esou huet se ugefaangen, eis onheemlech fantastesch Geschicht, vun dier dir ganz bestëmmt elo schonns déck begeeschtert sidd. D'Prinzessin war krank, kee wousst, wat se hat a wéi hir ze hëllefe wier, an trotzdem huet keen de Kapp hänke gelooss an dien eemolege Spezialtrupp vum Kinnek Kosomor huet sech op de Wee gemaach.

De Bromobil huet se sécher a féx duerch déi onendlech Wäiten, iwwer déi schnéibedeckt Bierger a laanscht déi déifblo Séie vum wonnerschéine Land Lotzoborg gefouert.

Hätten si nach gewosst, no wat si ginge sichen a wou si dat kéinte fannen, da wier alles a beschter Uerdnung gewiescht. Esou iewer war hier Reess e bëssen... "ziellos".

Dofir war et gutt, datt si, wéi den Zoufall et esou wollt, dem Tim an dem Tom begéint sinn.

### **Szen 5:**

Orbo: Stopp, stopp! Stoppt de Bromobil. Ech weess elo net méi weider.

Koro: Bromobil gestoppt. De Motor ass aus. Mir maachen eng Paus.

Trok: Bow, Kork, elo hate mir bestëmmt 220 drop.

Kork: 220? Trok! Dat ass wierklech féx.

Borok: De Bromobil ass eng gutt Maschin. Du weess also net méi weider, Orbo?

Orbo: Nee, mir waren elo iwwerall am Land a mir hu weder Medezin nach eng Decke fond.

Koro: Dat ass ganz richtig, Orbo, du hues Recht.

Trok: Da fuere mir zréck bei de Kinnek Kosomor.

Kork: A mir soen zu him: Chef, et gëtt weder Medezin nach Decken am Land.

Borok: Genau dat soe mir him, an da weess hien dat.

*Den Tim an den Tom dauchen op.*

Tim: Gudde Moien, Dir Hären.

Tom: Quetschen hu keng Kären.

*Den Tim an den Tom laachen sech futti; de Spezialtrupp reagiert net.*

Tom: Hey, Männer, dat war e Witz. Do musst dir laachen.

Orbo: Mir wësse net wat ee Witz ass.

Koro: A mir wësse net wat laachen ass.

Tim: Jo, dann... ehem... also, komesch. Jo dat ass komesch.

Trok: Mir sinn e Spezialtrupp op streng geheimer Missioun.

Kork: A mir sollen fir d'Prinzessin Olocoo, déi krank ass...

Borok: ... eng Decken a Medezin besuergen.

Orbo: Dir wësst net zoufälleg wou mir eng Decken a Medezin fannen?

Tim: Mir hunn eis nach guer net virgestallt. Dat do ass den Tom.

Tom: An dat ass den Tim. A mir zwee sinn déi, déi op alles eng Äntwert hunn.

Koro: Da sot eisw.e.gl. wou mir eng Decken a Medezin fannen.

Trok: Mir sinn duerch dat ganz Land gefuer, mat eisem Bromobil a mir hunn näischt fond.

Kork: Iwwer d'Bierger a laanscht d'Séien, a mir hunn näischt fond.

Borok: A ganz Lotzoborg hu mir näischt fond.

Tim: Ma da wësse mir d'Äntwert, dat ass net schwéier.

Tom: Wann net hei am Land, dann iwwer d'Grenz séier.

Tim: Wëll wann een u seng Grenze kënnt, ...

Tom: ... d'Léisung een op dier aner Säit fënd.

Kork: Ass genuch Spritt am Tank? Et gött eng laang Rees.

Borok: En ass vollgetankt. Eng Decken a Medezin. *Si sëtzen sech an de Bromobil.*

Spezialtrupp: Fënnf, véier, dräi, zwee, eent - egal op et stiermt oder reent - mat vill Spritt an Disziplin - siche mir eng Decken a Medezin.

*Damp, Kaméidi, Musik, .... d'Rees geet lass. Si verschwannen an d'Pantomimen dauchen op.*

**Szen 6:**

**Insel 1: Theatergrupp / Pantomime**



## **Trauer - Schwaarz**

*D'Pantomimen hunn e Loftball, mat diem spillen se. Eng Kéier ass de Loftball eng Kaz, dann een Hond, e Villchen, een Eedelsteen....*

*Si hu ganz vill Freed mam Loftball.*

*Da kommen de Spezialtrupp mam Tim a mam Tom un. Si kucke no (Si spille mat?).*

*Op eng Kéier entwuscht de Ball de Pantomimen an e flitt biss ënner de Plafong. All probéieren se de Ball nees zréckzékriien... mee et gélléngt hinnen net.*

*So bekucken de Ball ënner dem Plafong a si ganz traureg.*

*Dës Trauregkeet ass ustiechend, an esou bekucken och de Spezialtrupp an den Tim an den Tom de Ball an och si gi ganz traureg a fänken u mat kräischen.*

*Et gétt dobei net geschwat, mee all zesumme bleiwe mir an der Technik vun der Pantomime, also och de Spezialtrupp an den Tim an den Tom schwätze net, mee drécken alles aus.*

*Oppassen: et däerf een hei keng Roserei, keng Angscht an och keng Freed gesinn.*

*Zum Schluss kréien si ee schwaarzt Nuesschnappeg, fir sech Tréinen ofzebotzen a stiechen et an d'Täsch.*

### **Szen 7:**

Orbo: Dat war ... iergendswéi ... wéi soll ech soen...

Tim: Du hues gekrasch, esou nennt een dat, wann een déck traurech ass, an engem d'Tréinen aus den Ae gesprong kommen.

Koro: Mee wéi ech bis gekrasch hat, dunn ass et mir besser gaangen.

Trok: Kräischen ass gutt. Et geet besser dono.

Tom: Kräischen ass eppes wéi eng Medezin. Wann s du traureg bass, an du kräischs, da fills du dech herno besser.

Kork: Hues du elo Medezin gesot.

Tom: Jo. Kräischen ass eng Medezin, déi bei Trauregkeet hëlleft.

Borok: Dann hu mir elo eng Medezin fir d'Prinzessin Olocoo.

Tim: Ass si dann traureg?

Orbo: Dat wësse mir net.

Koro: Mee mir huelen d'Kräische mat ... an d'Nuesschnappeger. Déi huele mir och mat!

Tom: A wat wat maacht dir domat?

Trok: Keng Ahnung.

Kork: Kuck mech net, ech weess et net.

Borok: Ech weess et och net.

Orbo: Mir hulen d'Nuesschnappeger mat a kee weess firwat.

Koro: Oh wat ass dat traureg... ech muss schonn nees kräischen.

*All kräischen se.*

Erzieler: An esou ass et gaangen, datt de Spezialtrupp eent vun de Gefiller, dat se zu Lotzoborg verluer haten, nees ëremfond hunn. Si waren traureg. Traureg wëll de Ball hinne fortgeflunn war, an iewer haten si direkt och eng Medezin géint déi Trauregkeet fond: d'Kräischen.

*Alo dauchen de Emil, den Zweemil an den Dräimil op. Si gesinn de Spezialtrupp kräischen a laachen sech dowéinst futti.*

Tim: Dajee, dir kënt si dach net auslaachen, wa si kräischen.

Tom: Esou eppes mécht een net. Et soll een net de Géck maache mat Leit, déi Misär hunn.

Emil: OK, ok, du hues jo Recht. Mee si gesinn esou komesch aus...

Tom: Si sinn de Spezialtrupp vum Kinnek. Passt also op, wat dir sot.

*Direkt sinn déi dräi roueg a sti stramm.*

Zweemil: Därf ech eis virstellen: Emil, Zweemil an Dräimil. Mir sinn déi dräi Millerbridder - gesidd der.

Emil: A mir sinn ennerwee op eng ganz eemolech Plaz, déi et keng zweemol op der Welt gëtt.

Dräimil: Wann der wëllt, da kommt mat, esou eppes soll een sech net dräimol soe loossen!

*Direkt sprangen se an de Bromobil.*

Kork: Ass genuch Spritt am Tank? Et gëtt eng laang Rees.

Borok: En ass vollgetankt. Eng Decken a Medezin. *Si sëtzen sech an de Bromobil.*

Spezialtrupp: Fënnef, véier, dräi, zwee, eent - egal op et stiermt oder reent - mat vill Spritt an Disziplin - siche mir eng Decken a Medezin.

*Damp, Kaméidi, Musik, .... d'Rees geet lass. Si verschwannen an d'Dänzer dauchen op.*

**Szen 8:**

## **Insel 2: Spillschoul - Giel**

**Szen 9:**

*D'Spillschoulskanner si scho laang fort, mee eis Frënn danzen nach ëmmer weider.*

Orbo: Wéi nennt een dat, wann ee vun engem Fouss op dien aneren hopst? Kuckt esou!

Koro: Wann een an d'Luucht spréngt an dobei séngt?

Trok: Wann een sech no riets a no lénks dréint?

Kork: Wann een deen aneren an den Aarm hëlt a gutt fest dréckt?

Borok: A wann een am Rhythmus vun der Musik zappelt?

Tim: Danzen.

Orbo: Wéi?

Tom: Dat ass: danzen!

Koro: Danzen? Einfach nëmmen ... danzen?

Emil: Jo, einfach nëmmen danzen. Dat heescht danzen.

Trok: Ech hat am Fong gemengt, et ging vill méi komplizéiert heeschen.

Kork: Zum Beispill: Danzalonikkiprittippittipersolanitti, ... oder esou...

Borok: Oder... Protzballunettléiftkettidanzaleone.

Zweemil: Danzen, et heescht einfach nëmmen danzen.

Dräimil: Mee et mécht eis all immens vill: ...

Tim, Tom, Emil, Zweemil & Dräimil: Freed!!!!

Spezialtrupp: Freed? Wat ass dat Freed?

### **Szen 10:**

*D'Rapper erkläre wat Freed ass... an eventuell och, wat Gefiller sinn.*

*Flott wir et, wann een d'Prinzessin hei och nach eng Kéier geséich, an evtl. de Kinnek an Kinnigin. Et kéinten Dokteren, Zauberer, Druiden, Medezinmänner a Medezinfraen bei der Prinzessin opdauchen... mee näischt kann hier hëllef.*

.....

### **Szen 11:**

Orbo: Dat war esou schéin, do kënnt ech schonn nees kräischen.

Koro: Heiansdo muss ee kräischen, wann eppes ganz schéin ass.

Trok: Komesch déi Gefiller... Freed an Trauer leien dacks ganz no beieneen.

Kork: Ee Schratt no nir a mir si frou, ee Schratt no hannen, a mir sinn traureg.  
Oder dien anere Wee!

*De Borok hieft ee gielt Stéck Stoff op, dat d'Spillschoulskanner leie gelooss hunn.*

Borok: Wat ass dat hei?

Tim: Dat ass vun de Spillschoulskanner, dat hu si vergies.

Tom *rifft esou haart wéi e kann* : Spill-schouls-kanner... kommt nees zréck, dir hutt eppes vergies.

*All sti se ganz roueg a lauschteren.... näischt.*

Emil: Si si fort. Si héieren dech net méi.

Zweemil: E Stéck Stoff... loost et leien, wat solle mir domat?!

Dräimil: Dat ass Ëmweltverschmutzung! Et soll een näischt um Wee leie loossen. Stiech et an, an huel et mat.

Orbo: Aie, aie, Captain.

Koro: Agestach a matgeholl.

Trok: Mee elo muss mir weider. Trauer a Freed hu mir gesammelt, Schwaarz a Giel hu mir an der Täsch.

Tim & Tom: Mir sinn um richtege Wee: Gefiller sinn eis Medezin...

Emil, Zweemil & Dräimil: ... an eng Decke fanne mir och!

*Direkt sprangen se an de Bromobil.*

Kork: Ass genuch Spritt am Tank? Et gött eng laang Rees.

Borok: En ass vollgetankt. Eng Decken a Medezin. *Si sëtzen sech an de Bromobil.*

Spezialtrupp: Fënnef, véier, dräi, zwee, eent - egal op et stiermt oder reent - mat vill Spritt an Disziplin - siche mir eng Decken a Medezin.

*Damp, Kaméidi, Musik, .... d'Rees geet lass. Si verschwannen an d'Zirkusleit dauchen op.*

## **Szen 12:**

### **Insel 3: Zirkusequipe**

#### **Roserei - Roud**

## **Szen 13:**

*De Spezialtrupp wëll och mat jongléieren...*

Orbo: Ma krenondidjupp! Die verquëste Ball fällt mir all Kéier op de Buedem!

Koro: Kratchulliparezall! Ech behalen die verkanelléierte Ball net an der Luucht!

Trok: Kaquettonnepullpurri! Ech hat net gemengt, datt dat esou schwéier wier!

Kork: Kamellebootschegromperschmier! Ech kann dat einfach net. Vertoperëchte Ball, verkniwwelten!

Borok: Klimbampinkabellnachemol! Ech kënnt déi vermarmorabilitéierte Bäll all op de Mound schéissen!

Tim: Do! Elo si se rosen... *laacht*

Orbo: Rosen?

Tom: Wann et net geet, wéi ee wëllt, da gött ee rosen. Dat nennt ee Roserei.

Koro: Roserei! Schwéngerei! Dat ass net an der Rei! Ech hu keng Loscht méi hei!

Emil: Roserei: Da ging een am léifsten eppes futti maachen.

Zweemil: Reserei: Oder engem gutt wéi doen.

Dräimil: Roserei: Oder esou haart brëllen, wéi een nëmme kann.

Orbo: Ech ging iewer esou gär och esou krass jongléiere wéi d'Zirkusleit.

Tim: Üben! Wann een eppes wëllt léieren, da muss een üben.

Tom: An am beschten net rosen bobäi ginn.

Koro: Üben an net rose ginn. Dat ass schwéier!

Trok: Waart ech probéieren.

*Hie geheet de Ball an d'Luucht. Die fällt iewer op de Budem.*

Trok: Kraschbullischnullitjummbadadumm! Du verguerghelte Ball!

Emil: Et war gutt probéiert, mee du bass nawell rose ginn.

Erzieler: Jo, léif Spektatören a Spektatörinnen, Dir wësst et all: Roserei ass näischt schéines an et kritt een sech och net gutt géint se gewiert.

Wësst Dir nach, wéini Dir fir d'Lescht rose waart? Et ass bestëmmt nach net esou laang hier? Iwwert wie waart Dir da rosen? Wéi laang huet Är Roserei ugehal? Sidd der elo nees frou?

Op alle Fall war d'Roserei dat drëtt Gefill, dat eise Spezialasaztrupp ëremfond huet, a vun elo u konnt seng Missioun eigentlech nëmme ee Megaerfolleg ginn. Oder sollten op eemol dach nach ganz, ganz, ganz schlëmm Saache geschéien, mat diene kee Mënsch gerechent hat?

Kork: Kuck, die schéine roude Foulard hunn ech vun den Zirkusleit kritt. Solle mir dien och halen?

Borok: Hei gött näischt eweggehät! Géff mir en! Ech stiechen e bei die giele Stoff an déi schwaarz Nuesschnappegen.

Zweemil: Elo hu mir scho gutt gesammelt.

Dräimil: Wéi mengs du dat?

Emil: Mir hu schonns dräi verschidden Dicher.

Tom: An dräi verschidde Gefiller.

Tim & Tom: Mir sinn um richtege Wee: Gefiller sinn eis Medezin...

Emil, Zweemil & Dräimil: ... an eng Decke fanne mir och!

*Direkt sprangen se an de Bromobil.*

Kork: Ass genuch Spritt am Tank? Et gött eng laang Rees.

Borok: En ass vollgetankt. Eng Decken a Medezin. *Si sëtzen sech an de Bromobil.*

Spezialtrupp: Fënnef, véier, dräi, zwee, eent - egal op et stiermt oder reent - mat vill Spritt an Disziplin - siche mir eng Decken a Medezin.

*Damp, Kaméidi, Musik, .... d'Rees geet lass. Si verschwannen an d'Theaterleit dauchen op.*

#### **Szen 14:**

#### **Insel 4: Theatergrupp**

#### **Angscht - Moof**

Personnagen:

Sara, de "Professor"

Dylan, den "Technikfreak"

Mariana, eng Tussy

Luca

Dany

+ aner Kanner

.....



## *Op enger Spillplaz*

*D'Sara, den Dylan, den Dany an de Luca setzen op enger Bänk an diskutéieren. Aner Kanner si gruppeweis op der Bühn verdeelt (oder komme no a no op d'Bühn) a spillen z. B. Gummitwist, mat de Jicken, mat engem Jojo, Himmel an Häll, ...*

Bild 1:

Sara, *bliedert an engem décke Buch*: Immens, wosst der dat schons? *liest aus séngem Buch vir* "Der Brüllaffe. Dieser gerade mal einen knappen Meter große Geselle ist der Schreihals der Tierwelt. Gibt er seine bellenden Laute zum Besten, wird er garantiert nicht überhört. Bis zu fünf Kilometer weit ist sein Geheul zu hören."

Dany: Oh freck, dee brëllt jo nach mi haart wi den Här Lära, wa mer eis Hausaufgab vergiess hun.

Luca: Weis emol, ass och eng Foto derbäi?

Dany: Vu wem? Vum Här Lära?

Luca: Blödmann.

*Si kucken ganz interesséiert am Sara säi Buch.*

Dylan: Wat schleefs du scho neess en déckt Buch mat der rem.

Sara: Dat ass dat näit Guinnessbuch der Rekorde.

Luca an Dany: Cool.

Dylan: En Iphone ass dach vill méi praktesch. Do fënd een alles drop, wat ee brauch a nach vill méi.

Sara: Ech bliederen awer léiwer an engem richtege Buch. An iwverhaapt, d'Handyen si Schold um Elektrosmog.

Dylan: Elektrosmog. Du ëmmer mat dénge gescheite Wieder. Du bass jo just näidesch, wells du keen Iphone 6plus hues.

Dany: Haalt dach elo op mat ären éiwegen Diskussioune.

Luca: Jo, komm mer spillen eppes.

Sara: Mais, waarde mer da net op d'Mariana?

Dylan, *kuckt op säin Iphone*: Pah, mer waarden elo scho genau 16 Minutten an 42 Sekonnen op d'Madame!

Luca: Hatt wärt neess eng Stonn virum Spigel stoën.

Sara: Reegt iech net künstlech op! Kuckt, do kënnt et jo.

*D'Mariana kënnt mat der schicker Poche op d'Bühn stolzéiert.*

Dylan: Et get awer bal Zäit! *tippt op säin Iphone.*

Mariana, *bléist op séng Neel*: Sorry, hun e neie Neellack ausprobéiert, an deen drëschent sou lues. Mais kuck wi schéin e glitzert. *Weist stolz séng cool Neel.*

Dany: Wat en Trallala, wien interesséiert sech schons fir Neel.

Mariana: Et wir besser du giffs dech dofir interesséieren, da wieren déng net esou elle schwaarz an zerknabbert.

Luca: Allez, gitt iech. Komm mer spille Stoppches.

Mariana: Ok, awer ech siche op kee Fall. Dat kënnt net an d'Tut.

Sara, *laacht*: Den Dylan ka jo sichen, u sengem Supermegahandy ass dach bestëmmt eng "Suchfunktion".

*Si laachen all, den Dylan bretzt sech*: Kuck wat ech eng Megatäscheluet op ménegm Iphone hun. Domat fannen ech dech souguer an deem däischerstem Eck.

*(Do kéint elo eventuell nach ee Grupp Kanner ugelaft kommen, di och wëlle matspillen.)*

Bild 2

*Den Dylan steet bei engem Bam/enger Mauer an zielt haart bis 20. Di aner Kanner verstoppen sech.*

Dylan, *ëmmer méi haart*: 18 ... 19 ... 20, ech koooommmmmen!

*Hien trëppelt a kuckt mol hei an do hannert oder ënnert eppes. Ob eemol bleiwt e wi ugewuerzelt stoen.*

Dylan: A wat der Däiwel ass dann dat hei?

*Hannert enger Häck/ Mauer verstoppt steet eng grouss Këscht.*

Dylan: He, kommt mol schnell kucken, wat ech fond hun.

*Keen muckst sech. Den Dylan kuckt ronderëm sech a wend sech dann un d'Publikum: Di denke bestëmmt, ech willt se uschmieren.*

Dylan: Haaallloooo. Dat ass kee Witz a keen Trick. Kommt schnell, ech hu wierklech eppes Interessantes entdeckt.

*All Kanner op der Bühn komme lues a lues erbei fir sech di Këscht unzekucken. (eventuell kann vun denen anere Kanner dat eent oder anert eppes froën/ soën am Genre: "Wou rennen se dann elo all hin?")*

Dylan: Mariana, hëllef mer emol. Dann zéie mer di Këscht hei eraus.

Mariana: Op kee Fall, da brieche nach e vu ménge Neel.

Dany: Ma firwat drécks du dech dann ëmmer vir? Da réckel emol.

*Zesummen zéien den Dany an den Dylan di schwéier Këscht hannert der Heck/ Mauer eraus op d'Bühn, sou dass d'Zuschauer se och gesin. Et ass eng grouss al Holzekëscht mat Spawécken an engem Deckel.*

Mariana: Äää, wat ass di knaschteg!!!

Luca, *verdréint d'Aen*: Wat hatt erëm neess zickt.

Dylan, *drängelt sech vir bei d'Këscht*: Immens! A wat der Däiwel soll da nëmmen do dra sin?

Sara: Steet dat net an dengem Iphone?

Dylan: Lo géff dech awer mol.

Dany: Der nervt all. Ech maachen elo den Déckel op.

*Wi hien bei d'Këscht kënnt, knuppt et op eemol. Den Dany spréngt erféiert zréck. (E puer vun den anere Kanner kéinten elo jätzen)*

Luca: Wat war dat?

Ee kléngt Kand: Ass dat ee Krokodill?

Een anert kléngt Kand, *ängstlech*: Vlät ass en Dinosaurier dran.

Sara: Quatsch! Dinosaurier si schons virun 550 Milliounen Joren ausgestuerwen. Di eng Wëssenschaftler mengen dat wir duerch e Meteorit, di aner...

Dylan: Dat interesséiert dach elo kee Schwäin! Mer wëlle wësse, wat an där Këscht ass.

*Hien geet virsichtig mi no, an da knuppt et neess.*

E puer kléng Kanner *jäitzen*: Hëllef! *a verstoppen de Kapp ënnert engem mauve Chiffon.*

Dylan: Dat héiert sech un, wi wann eppes widder den Deckel knuppt fir eraus ze kommen.

Luca: Bestëmmt e fierchterlechen Draach.

Ee kléngt Kand: Ech well bei meng Mama.

Sara: Lo packt iech awer! Draachen gin et dach just am Märchen.

*D'Sara geet bei d'Këscht an hiewt ganz virsichtig den Déckel e bëssen. Damp kennt eraus. Hatt léisst den Deckel schnell zoufalen.*

Luca: Gesäiss de, ech hat der et jo gesot. Do ass en Draach dran.

Mariana: Hoffentlech ass et net de Smaug aus der kleine Hobbit.

Dany: Dee kennen ech. Dat ass de Smaug der Goldene aus Mittelerde.

Dylan: Uiii, mat dem ass net ze spaassen. Wann dee Feier späitzt, da verbrenne mer all.

*Di aner Kanner kuschen sech an hir mauve Dicher a jéimeren.*

Sara: Dat sin dach alles nëmme Geschichten. Dany, komm mer gin zesammen dra kucken.

*Si gin op Zéiwespëtze bei d’Kescht, ziele bis dräi an hiewen zesummen den Deckel e Stéck an d’Luet. Et knuppt fierchterlech an Damp flitt eraus. Di zwee jätzen haart an zéien sech schnell zréck. Am Hannergronn bewegt sech eng Gestalt ënnert schwaarzen Dicher an ouni Gesiicht (oder wäiss Mask virum Gesiicht, oder....) a slow motion. D’Kanner op der Bühn jätzen duercherneen.*

Luca: Ooooooooo, e Gespenst?

Kand A: Hëllef, d’Mumie kënnt eis huelen.

Kand B: Den Dracula! Hien wellt mech bäissen.

Kand C: E Werwolf, e Werwolf.

Mariana: Oder den Voldemort aus dem Harry Potter!

Dany: Ech mengen dat ass een Zombie.

Dylan: De schwaarze Ritter ass neess zréck.

Sara: Ech mengen ech dreemen. Dat kann dach just en Albdrum sin. Mariana, pëtz mech schnell, dass ech erwächen. Dat halen ech net aus.

### **Szen 15:**

Tim: Boaw, dat war eng voll krass spannend Geschicht.

Tom: Dat kanns du iever roueg haart soen.

Emil: Richteg grugheleg, mat all diene Geeschter a Gespenster a Monsteren an Zombien an ...

Zweemil: ... jo genuch! Hal op, soss fäerten ech mir nach den Hënnëschten aus der Box.

Tom: De wat?

Zweemil: Den Hënnëschten aus der Box. Esou seet een dat.

Tim: Coole Sproch. Dat muss een sech emol bildlech virstellen: sech - den - Hënnëschten - aus - der - Box - fäerten!

*All lachen se.*

Dräimil: Hey Leit, wou ass iwwerhaapt eise Spezialtrupp?

Tom: Orbo, Trok, Koro, wou sidd der?

Emil: Kork, Borok. Kommt heihinner. Et ass eriwwer. D'Grughelmostervampire si fort.

Zweemil: Si si verschwonnen. .... Et wäert dach net...

*De Spezialtrupp luust hannert diem moofen Duch eraus.*

Orbo: Hei si mir.

Tim: Wou?

Koro: Hei, hannert dem Duch.

*Nach ëmmer hanner der Duch verstoppt, kommen si no vir.*

Emil: A wat maacht dir dann do?

Trok: Mir haten op eemol esou ... ee komescht Gefill.

Kork: Mir wiren am léifste fortgelaf.

Borok: Mir hu gemengt, déi Monstere wëllten eis friessen...

Orbo: ... opspiissen ...

Koro: ... an dausend Stécker rappen ...

Trok: ... an dofir hu mir eis verstoppt.

Dräimil: Soll ech iech emol eppes verroden?

Kork: Jo, wann ech glift.

Zweemil: Dir fënnef Superhelden, dir hutt elo just zolitt gefaart.

Borok: Gefaart.... wat ass dat?

Tim: Fäerten, dat ass och ee Gefill, an et ass wann een Angscht huet.

Trok: Ech hat nach ni Angscht.

Kork: Ech hunn a mengem ganze Liewen nach ni gefaart.

Tom: Ma da war et elo fir d'éischt.

Emil: An et ass och gutt, wann een heiansdo Angscht huet, da mécht ee keng Dommheeten.

Dräimil: Mee hätt dir dann net besser, elo endlech hanner diem Duch erauszekommen?

Orbo: Ech wees et net!

Koro: Mir fillen eis méi sécher, hanner dem Duch.

Tom: Tatsächlech, dat ass definitiv Angscht.

Trok: Ech wëll nees heem, hei fäerten ech.

Kork: Jo, wann d'Monsteren nees zrëckkommen...

Borok: Mir waren elo laang genuch ënnerwee. Ech wëll bei de Kinnek a bei d'Kinnigin an bei d'Prinzessin.

Tim: Mee da kommt endlech hanner diem Duch eraus.

Trok: Mir bleiwe léiwer dohannert.

Borok: Jo, mir huelen et einfach mat.

Emil: Also elo och nach ee mooft Duch... ech ginn nach géckeg mat iech.

Zweemil: Mee elo wëssen si op d'mannst emol, wat et heescht, Angscht ze hunn!

Tim & Tom: Mir sinn um richtege Wee: Gefiller sinn eis Medezin...

Emil, Zweemil & Dräimil: ... an eng Decke fanne mir och!

*Direkt sprangen se an de Bromobil.*

Kork: Ass genuch Spritt am Tank? Mir wëllen nees heem.

Borok: En ass vollgetankt. Eng Decken a Medezin. *Si sëtzen sech an de Bromobil.*

Spezialtrupp: Fënnef, véier, dräi, zwee, eent - egal op et stiermt oder reent - mat vill Spritt an Disziplin - siche mir eng Decken a Medezin.

*Damp, Kaméidi, Musik, .... d'Rees geet lass. Si verschwannen an dauchen nees am Kinnekspalast op.*

## **Szen 16:**

*De Kinnek an d'Kinnigin sti bei der Prinzessin, déi sech nach ëmmer net réiert.*

Erzieler: An esou si si nees doheem geland, zu Lotzoborg am Kinnekspalast. Der Prinzessin gung et nach kee Fatz besser an de Kinnek a seng Madame waren och nach ëmmer déi al: vu Gefiller hu si näischt gewoust an näischt verstanen. An deemno hu si sech och beholl...

Kinnek: Do sidd der. Dat huet laang gedauert.

*D'Kinnigin weist op den Tim an den Tom an op den Emil, Zweemil an Dräimil.*

Kinnigin: A wie si si dann?

Tom: Dat ass den Tim...

Tim: ... an dat den Tom.

Emil, Zweemil an Dräimil: Därf ech eis virstellen: Emil, Zweemil an Dräimil. Mir sinn déi dräi Millerbridder - gesidd der.

Orbo: Si sinn eis Frënn.

Kinnek: Frënn? Ech wees net, wat dat ass.

Koro: Frënn, dat kënnt vu Frëndschaft, an dat ass wann ee frou mat engem aneren ass.

Kinnigin: Wann ee frou mat engem ass? Ech verstinn elo guer näischt méi! Dat ass mir alles ze ... komplizéiert.

Trok: Jo, frou... Freed eben. Wann een sech freet iwwer eppes.

Kork: Wëll et esou schéin ass.



Kinneke: So, hutt dir se nach all?!

Borok: Jo, Kinneke, mir hu se nach all, esouguer der Rei no, mee leider hu mir keng Medezin...

Orbo: ... An och keng Decken.

Kinnigin: An dann traute dir iech heihinner ze kommen!

Koro: Oh, Kinnigin, meng Kinnigin, maacht mir elo keng Angscht!

Kinneke: Angscht, schonn nees e sou ee komescht Wuert. Ech verstinn iech net, sidd dir vun alle gudde Geeschter verluer?

Trok: Geeschter... Monsteren... Gespenster... Zombien... Maacht mir keng Angscht Kinneke. Mir hunn elo esou lues genuch gefaart.

Kinnigin: Maacht datt dir fort kommt, liddereche Pak. Keng Medezin a keng Decken.

Kinneke: An dat soll ee Spezialtrupp sinn! Hahahaha!

Kork: Elo si mir iewer traureg.

Kinneke: Fort hunn ech gesot. Eraus.

Borok: Wa mir der Prinzessin net kënnen hëllef, da si mir esou traureg.

*Si weise wéi traureg datt si sinn.*

*D'Prinzessin hieft de Kapp.*

Prinzessin: Kinneke, schéckt se net fort.

Kinneke: Prinzessin, Dir sidd zou Iech komm!

Prinzessin: Si sollen heibleiwen!

Kinnigin: Prinzessin, wat ass dann ëmme geschidd?

Prinzessin: Si sollen heibleiwen, a mir vun alles verzielen. Verzielt, wat dir alles erlieft hutt.

Orbo: Oh mei! Et war eng laang, laang Rees, Prinzessin Alococo...

Kinnek a Kinnigin: Hien huet Alocoo gesot!???

Orbo: A fir d'éischt koume mir bei ganz Komescher, wëll déi hu kee Wuert geschwat.

*Pantomime kommen op d'Bühn.*

Tim: Si hu mat engem Ball gespillt, a wéi de Ball fortgeflunn ass, ware mir ganz, ganz vill traureg.

Prinzessin: Traureg, jo, elo erënneren ech mech, wat dat ass. Traureg....

*All, och d'Prinzessin, kucken se ganz traureg...*

Koro: Mee dono, Prinzessin Alicoo...

Kinnek a Kinnigin: Hien huet Alicoo gesot!!!???

Koro: ... dono si mir bei elauter super lëschtég Kanner komm, an déi hu gedantz a gesongen.

*D'Spillschoulskanner kommen op d'Bühn.*

Emil: Dat war eng richteg Freed. Mir hu mat gemaach a mat gesongen a gedantz.

*All, och d'Prinzessin, freeën sech immens...*

Trok: Jo, dat war cool. Mee dunn, dunn, Prinzessin Alicio...

Kinnek a Kinnigin: Hien huet Alicio gesot!!!!!!????????

Trok: ... du si mir bei d'Zirkusleit komm. Ohhh, Dir këntlech net virstellen, wat déi fir Konschte konnten.

*D'Zirkusleit kommen op d'Bühn.*

Tom: Mir wollten et och probéieren. Mee mir hunn et net fäerdeg bruecht. Wat hate mir dunn eng Roserei.

*Alleguer, och d'Prinzessin, weisen hier Roserei.*

Kork: An zum Schluss, léif Prinzessin Alicia ...

Kinnek a Kinnigin: Hien huet Alicia gesot!!!!!!!!!!!!!!!!!!!!!!!!!!!!!!!!!!!!!!

Kork: ... zum Schluss koume mir bei d'Gespenster an d'Geeschter an d'Vampiren....

*D'Theaterleit kommen op d'Bühn.*

Dräimil: Dat war därmoosse grugheleg, datt mir esou gefaart hunn, wéi Dir lech et nëmme virstelle kënt!

*Alleguer, och d'Prinzessin, weisen hier Angscht.*

Borok: An elo si mir nees hei. Mee leider ouni Medezin fir lech, Prinzessin Alicia.

Prinzessin *steet op* : Dir hutt mir déi beschte Medezin matbruecht, déi et gëtt. Ech hunn d'Gefiller, déi mir hei bei eis viru laanger Zäit verluer haten, nees erëmfond: d'Trauer, d'Freed, d'Roserei an d'Angscht. - Mee et ass mir ëmmer nach esou kal.

Spillschoulskand 1: Mir ginn dir eng Decken, Prinzessin Alicia.

Spillschoulskand 2: Ee Stéck Schwaarz, dat vun der Trauer kënt.

Spillschoulskand 3: Ee Stéck Giel, dat vun der Freed kënt.

Spillschoulskand 4: Ee Stéck Rout, dat vun der Roserei kënt.

Spillschoulskand 5: Ee Stéck Moof, dat vun der Angscht kënt.

All d'Spillschoulkanner: Dat ass eng gutt waarm Decke fir d'Prinzessin Alicia!

Zweemil: Ass et lech elo nees waarm, Prinzessin?

Prinzessin: Gutt waarm, jo dat ass et mir elo. Ech FREEË mech!

Kinnek: Kinnigin Katarina, wann eis Prinzessin sech fret, da freeë mir eis mat.

Kinnigin: Genee, Kinnek Kasimir. Wann eis Prinzessin sech fret, da fret all Mënsch sech mat.

Kinnek: Kinnigin Katarina. Jo, dat ass Äre richtege Numm. Wéi laang hate mir die bergiess?

Kinnigin: Kinnek Kasimir. Esou hunn ech dech genannt, wéi mir eis deemools, viru laange Joeren, bestued hunn!

All: Spezialtrupp Orbo, Koro, Trok, Kork, Borok! Dir hutt eis Prinzessin gerett mat enger Decken a mat Medezin!

Kinnek: Mat lech kënne mir nees:

Kinnigin: Traueren.

Tom: Eis freeën.

Tim: Rose sinn.

All: An eis den Hënnëschten aus der Box fäerten.

### Szen 17:

Schlussfest z.B. mat Imagine... och an enger (laberer) Lëtzebuergescher Versioun:

Imagine there's no heaven  
It's easy if you try  
No hell below us  
Above us only sky  
Imagine all the people  
Living for today...

Imagine there's no countries  
It isn't hard to do  
Nothing to kill or die for  
And no religion too  
Imagine all the people  
Living life in peace...

You may say I'm a dreamer  
But I'm not the only one  
I hope someday you'll join us  
And the world will be as one

Imagine no possessions  
I wonder if you can  
No need for greed or hunger  
A brotherhood of man  
Imagine all the people  
Sharing all the world...

You may say I'm a dreamer  
But I'm not the only one  
I hope someday you'll join us  
And the world will live as one

John Lennon

September 1971

*Text gëtt vu verschidde Kannergruppe geschwat:*

Stell der vir, do ass keen Himmel. Et ass ganz einfach wann s du probéiers.

Iwwert eis just d'Firmament. An ënnert eis keng Häll.

Stell der all d'Mënsche vir, déi nëmme fir de Moment liewen, sech ameséieren an Freed hunn.

Dat wir schéin!

Stell der vir, et géife keng Länner a keng Grenzen. Dat ass guer net schwéier.

Hey Mann! Näischt wir derwäert, een aneren emzebréngen oder selwer ze stierwen. Oder een op d'Nues ze schloen.

An och keng Relioun. Stell der all d'Mënsche vir, déi hiert Liewen a Fridde liewen.

Vläicht sot dir elo, mir wiren Dreemer

Mee déi eenzeg si mir net

Mir hoffen dir kommt all bei eis

An d'ganz Welt déi eens sech gëtt.

Stell der vir, et géif kee Besëtz méi. Ech wees net, ob s du dat kanns?

Kee Grond fir Habgier oder Honger. Eng Mënschheet a Bridderlechkeet.

Stell vir, all d'Mënschen deelen sech zesummen d'Welt.

Vläicht sot dir elo, mir wiren Dreemer

Mee déi eenzeg si mir net

Mir hoffen dir kommt all bei eis

An d'ganz Welt déi eens sech gëtt.

Dat wir schéin!